

Lëtzebuerg, den 12. September 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,


Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

„Déi al N7 tëscht dem Këppenhaff an dem Fridhaff ass an engem äusserst bedauerlechen Zoustand an deelweis kaum nach ze befueren. Dëse Streckenofschnëtt ass also net méi gutt accessibel fir d'Proprietairë vun de Wisen a Bëscher, déi laanscht dës fréier Strooss leien.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:

- Ass geplangt fir dëse Streckenofschnëtt ze erneieren?*
- Ass virgesinn dëse Streckenofschnëtt an Zukunft ze notzen am Fall wou op der N7 geschafft gëtt oder en Akzident ass, dat net séier geraumt ka ginn?*
- Wéi vill aner Streckenofschnëtter laanscht d'N7 sinn de Moment an engem schlechten Zoustand a misste sanéiert ginn fir och als Spadséierwee, als Picnic-Plaz oder einfach als Noutstrooss am Fall vun Aarbechten an Akzidenter genotzt ze ginn?“*

Mat déiwem Respekt,



André BAULER

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Deputierten